piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Aktuell ass et esou, dass am Kader vum Verhandlungen tëscht verschiddenen Acteuren aus dem Gesondheetsberäich nëmmen d'CNS eng Mediatioun ufroe kann, wann et zu Meenungsverschiddenheeten tëschent de soziale Partnere kënnt.

Dëse System limitéiert awer d'Méiglechkeete vun aneren Acteuren am Sozialdialog, hir Positioun z'erklären an eng neutrale Léisung ze fannen, wann et zu Konflikter kënnt. Am Fall wou d'CNS wéineg Interessi huet, fir op eng gemeinsam Léisung mat Partner ze kommen, kënnen si esou eng Mediatioun onnéideg laang erauszögeren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Plangt d'Regierung eng Ännerung bei den aktuellen Dispositiounen iwwer d'Mediatioun?

2. Ass et virgesinn, datt an Zukunft all Partie, déi um Sozialdialog deelhëlt, eng Mediatioun kann ufroen an net nëmmen d'CNS?

3. Wann eng solch Ännerung virgesinn ass, huet d'Ministesch schonn eng Virstellung fir wéini d'Ëmsetzung vun dëser Reform kéint envisagéiert ginn?

4. Wéi eng Mesurë géif d'Regierung huelen, fir ze garantéieren, datt all Acteur am Sozialdialog déi gläich Rechter huet, wat d'Mediatioun ugeet?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés